

7. Dépôt d'une proposition de loi

M. Lucien Lux (LSAP). - Här President, ech wollt vun der Geleeënheet profitéieren, fir eng Proposition de loi ze déposéieren, déi zum Zweck huet, e Forfait d'éducation anzeféiere fir all Mammen an eventuell Pappen, an dat zur Honoratioun vun hirer Erzéiungsleeschtung:

- *Proposition de loi 4879 portant introduction d'un forfait d'éducation et modifiant la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales.*

M. le Président. - D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Lucien Lux. Déi Proposition de loi gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

Dir Dammen an Dir Hären, domat si mir um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. D'Sitzung vu muer de Mëtteg fänkt um 14.30 Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.19 heures)